



## COMMUNIQUÉ DE PRESSE

### Wiel(er)wëllen an der Gemeng Dippech : **Biergerinitiativ trotz 17,8% vun de Stëmmen net am Schäfteerot erwënscht !**

Bei de Gemengewahlen vum 8. Oktober krut d' « Biergerinitiativ Gemeng Dippech » op Anhieb 17,8 % vun de Stëmmen a soumat 2 Sëtz am Gemengerot.

Si ass den eigentleche Gewënner vun dëse Wahlen an dat obwuel d'Biergerinitiativ erëischt virun 6 Wochen gegrënnt gouf. Dëst ass e kloere Message deen de Wiel(er) zum Ausdrock bruecht huet.

D'LSAP koum op 39,4 % (+ 0,2%) a behält 5 Sëtz.

D'CSV fält op 22,6 % (- 15,5 %) a verléiert 2 Sëtz.

D'DP fält op 20,3 % (- 2,4 %) a behält 2 Sëtz.

Bei de Lëschttestëmmen läit d'Biergerinitiativ direkt op zweeter Plaz :

LSAP : 3.707 Lëschttestëmmen

Biergerinitiativ : 2.508 Lëschttestëmmen

CSV : 1.617 Lëschttestëmmen

DP : 1.375 Lëschttestëmmen

**D'Biergerinitiativ bedauert zudéifst, dass d'LSAP Sektoun Dippech an d'Buergermeeschtesch Manon BEI-ROLLER bis haut net versicht hunn fir Sondéierungsgespräicher respektiv Koalitiounsverhandlungen mat der Biergerinitiativ opzehuelen. An dat obwuel d'Biergerinitiativ dëst proposéiert huet an eis Programmer sech a ville Punkten iwwerschneiden.**

Op nationalem Plang kritiséiert d'LSAP, dass verschidde Koalitiounen dem Wiel(er)wëllen net Rechnung droen. Zu Dippech awer mécht d'LSAP genee dat selwecht an écartéiert d'office d'Biergerinitiativ un der Bedeelegung vum nächste Schäfteerot.

D'Biergerinitiativ sëtzt sech intensiv fir e Contournement fir d'Gemeng Dippech an a gouf dofir vum Wiel(er) massiv ënnerstëtzt.

Sollt d'Gemeng Dippech an den nächste Jore kee Contournement kréien, sou dréit d'LSAP Sektoun Dippech eenzeg an eleng d'Verantwortung fir déi massiv Verkéiersbelaaschtung der eis Matbierger an Zukunft wäerten ausgesat sinn.